N°4925
Reçue le 01.09.2021
Déclarée recevable et urgence non reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.09.2021

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 1. September 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

D'Buerg vu Simmer, e kulturhistoresch wichtegen Zeie vun der Lëtzebuerger Geschicht, gëtt elo fir 3 500 000 Euro verkaaft.

An deem Kontext hätt ech folgend Fro un d'Regierung:

- Wier et an den Ae vun der Regierung elo net ubruecht, datt de Staat d'Simmer Buerg keeft, fir weiderhin d'Kontroll iwwert dëse kulturhistoresch wichtegen Zeie vun der Lëtzebuerger Geschicht ze hunn an dësen och fir de Public opzemaachen? Wéi eng aner Méiglechkeet(e) géif et ginn, fir datt de Staat d'Kontroll iwwert d'Simmer Buerg behält?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N° 4925
Reçue le 28.09.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 28 SEP. 2021

Réf. : 83ax70128

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 4925 du 1er septembre 2021 de Monsieur le Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 4925 du 1er septembre 2021 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet du château de Septfontaines, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP n°4925

139-000050-20090730-FR

**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 4925 vum 1. September 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup**

Wat d'Froen iwwert d'Acquisitioun an d'Kontroll vun der Simmer Buerg ugeet, verweisen ech op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 3589 vum 8. Februar 2021 vum Honorabelen Deputéierten. D'Akafspolitik vum Staat besteet net doran, all Gebai wat als nationaalt Denkmal klasséiert ass, ze kafen. Donieft sief rappeléiert, datt Gebaier déi ënner Denkmalschutz sti vun enger adequater a gesetzlech gereegelter Protektioun profitéieren, ob se am Besëtz vum Staat sinn oder net.